*Breaking News aus dem Jugendhaus*

## Projet "*Japan Callin'*" :
### Eng onvergiesslech Rees duerch Japan

No iwwer engem Joer Virbereedung, Planung an Engagement vun engem Grupp vu 15 Jonker war et endlech esou wäit: vum 30. Mäerz bis den 10. Abrëll 2026 konnt de Grupp vum Projet „Japan Callin'" seng laang geplangte Rees a Japan realiséieren.

De Projet, deen an enger Kollaboratioun tëscht dem Jugendtreff Norden an der Nordstadjugend asbl op d'Bee gestallt ginn ass, huet awer net eréischt mam Fluch vu Lëtzebuerg ugefaangen. Déi Jonk sinn aktiv an d'Virbereedung an an d'Organisatioun vun der Rees mat agebonne ginn. De Projet ass dobäi och finanziell vun der "Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte" ënnerstëtzt ginn.

E wichtegt Zil war et, nieft enger neier kultureller Erfarung, och en Deel vun de Käschte vun der Rees selwer ze finanzéieren. Dofir waren déi Jonk iwwer knapp zwee Joer bei verschiddenen Aktiounen a lokalen Evenementer aktiv, hunn ënner anerem op Stänn gehollef, Crêpe verkaf oder och Animatiounsaktivitéiten ugebueden. Esou konnten si léieren, wéi vill Engagement an Organisatioun hannert esou enger Rees stécht.

Den 30. Mäerz ass d'Rees du lass gaangen : vum Findel iwwer Istanbul bis op Osaka. Zu Osaka stoungen ënner anerem d'Osaka Schlass an de Katsuo-ji Tempel um Programm, befir et mam Shinkansen weider op Kyoto gangen ass.

Zu Kyoto konnten déi Jonk déi verschidde Facette vun der japanescher Kultur entdecken. Nieft dem Kiyomizu-dera Tempel an den traditionelle Stroosse vun der Stad hunn si och un engem Workshop deelgeholl, bei deem si hir eegen Iess-Stäbercher hierstelle konnten.








Weider goung et an den Nara Park an op de Fushimi Inari-Schrein mat senge ville rouden Torii-Tunnellen. Ee besonnesche Moment war d'Visitt vum Mount Fuji, deen déi Jonk tatsächlech ze gesinn krutten – fir vill Jonker ee vun den Highlights vun der Rees.

Leschte Stopp war Tokyo : vum Shibuya Crossing bis an d'Manga-Welt vun Ikebukuro, vum Tokyo Skytree bis bei d'TeamLab Musée konnt de Grupp déi ganz ënnerschiddlech Facette vun der Groussstad entdecken.







Nieft de kulturellen Aktivitéiten hat d'Rees och e staarke sozialen a perséinlechen Impakt. 15 Jonker zesummen an engem frieme Land, mat enger anerer Sprooch, Kultur an Organisatioun, bedeit och, sech unzepassen a Verantwortung ze iwwerhuelen. Si hu geléiert, sech an engem neien Ëmfeld ze orientéieren, mat Imprevuen ëmzegoen an un hir eege Grenzen ze kommen.

D'Rees huet hinnen dobäi d'Méiglechkeet ginn, hir Virstellunge vu Japan mat der Realitéit ze vergläichen. Wat een aus soziale Medie, Filmer oder anere Medien kennt, entsprécht net ëmmer deem, wat een a Realitéit erlieft. Esou konnten déi Jonk hiren eegene kritesche Bléck op eng aner Kultur entwéckelen an och verschidde Stereotyppen a Fro stellen.

Och den Zesummenhalt am Grupp ass duerch de gemeinsamen Alldag, déi vill nei Andréck an déi eng oder aner Erausfuerderung gestäerkt ginn. Déi Jonk hu geléiert sech géigesäiteg ze ënnerstëtzen an och mat ënnerschiddleche Besoinen ëmzegoen.

De Projet „Japan Callin'" war domat wäit méi wéi eng Rees a Japan. Et war eng Geleeënheet, eng aner Kultur kennenzeléieren, Autonomie a Verantwortung ze stäerken an als Grupp zesummenzewuessen. Gläichzäiteg hunn si erlieft, datt och Erausfuerderungen an Imprevuen zu enger wäertvoller Erfarung kënne ginn. Déi vill gemeinsam Momenter wäerten deene Jonken nach laang an Erënnerung bleiwen. De Projet war domat net nëmmen eng Rees an eng nei Kultur, mee och eng Rees zu neien Erfarungen – an eng Rees zu sech selwer.


## Déi lescht Méint am Jugendhaus...

Wanderung duerch de Mëllerdall



Workshop zum Thema "Bientraitance"

Iwwernuechtung am Jugendhaus



Ausflug ob d'Gamescom



Open-Air Kino am Gaart

Sushi-Workshop am Jugendhaus

www.elisabethjeunesse.lu

Du bass virwëtzeg ginn oder hues Loscht bei enger Aktivitéit dobäi ze sinn? Dann informéier dech iwwert eisen Internetsite oder komm eis an d'Jugendhaus besiche :

**12 Kräizgaass L-9807 Housen**
(am ale Spuerkeess-Gebäi)

Fir all Jonken tëschent 12 a 26 Joer.

## Eis Ëffnungszäiten

**Dënschdes an Donneschdes :** 12.00 bis 19.00 Auer

**Mëttwochs :** 14.00 bis 19.00 Auer

**Freides :** 14.00 bis 20.00 Auer

**Samschdes :** 12.00 bis 18.00 Auer